

Dr. Michel Lucius zum Gedenken

Kürzlich wurde in Reimberg (Pre'tzerdau) ein Gedenkstein zu Ehren des namhaften Geologen und Wissenschaftlers Dr. Michel Lucius in Anwesenheit von Vertretern aus Regierung, Verwaltung und Wissenschaft enthüllt. Aus diesem Anlaß würdigte ein Freund des Verstorbenen, Ehrendirektor Gustave Faber, Leben und Werk von Dr. Michel Lucius in einer treffenden Ansprache, der wir folgende bemerkenswerte Auszüge entnehmen:

De Michel Lucius, déem mir hei e Monument opgericht hun, einfach a fest ewéi sei Charakter war, ass énnert dénen, déi séch mat der Géologie vun onsem Land ofgin hun, de bäschte gewéscht.

Kän huet d'Stratigraphie an d'Tektonik vum Land esou kann, ewéi hién.

Durch hién hu mir haut e Service géologique, dén mir nët méi entbiéren könnten, an eng geologesch Detailkaart, déi de Vergleich mat denen vun aneren Länner gutt aushält.

Als jongen Léierer, mam Brevet vum éischten Rang, war hién 1903 fir ä Joer no Pareis geschéckt gin, fir Naturwissenschaften ze stodéieren. Vun allen Kuren hun déi iwwer Géologie him am bäschten gefall: wann än mat him zezusammenkuom, huet hién vu soss neischt geschwaat. Vill Stonnen huet hién an de geologeschen a mineralogeschen Musée zoubreucht.

Wéi d'Joer zu Enn war, huet hién äng Plaatz kritt an der Neypergschuol, op der Gare zu Letzebureg. Newent senger Schuolarbecht huet hién séch an d'geologesch Fachliteratur ageschafft. Fir Contact mat aneren Naturfrenn ze kréien, huet hién séch an d'„Fauna“ ophuelen geloss. Wié 1907 d'„Fauna“ sech mat der „Société de botanique“ zesammen gedoen haat zu der „Société des Naturalistes Luxembourgeois“, ass, op seng Proposition, an der neier Gesellschaft, newend enger botanischer an enger zoologischer Sektoun, och eng geologesch gegrénnt gin.

*

Am Joer 1910 ass hién no Zürich gaang an 1912 huet en do säin Doktorat gemaacht, mat enger Thés iwwer d'Tektonik vum onsem Eisslek. Schon daat hién nach Kand war, hat d'Eisslek him öt u-

gedoen, wann en vun der Schuol vun sengem Elterehaus zu Rémmerch gekuckt huet op déi gruoss Flächten, déi weit bis un den Horizont no Norden ausgebrät do luogen. Seng éischt Konferenz, en huet se op enger Léiererversammlung zu Kleref gehaalen, guong iwwer d'Eisslek, an och säin éischten Artikel am Bulletin vun der „Fauna“.

Voller Hoffnong a mat schéinen Plangen kuom hién häm. Awer seng Stonn waar nach nët komm; e konnt keng Ustellung an sengem Fach fannen. Du huet onsen Compatriot Leopold van Werveke, vun der Géologescher Landesanstalt Strossbureg, derfir gesuergt, daat hién nët méisseg misst bleiwen an och e klengt Akommes hätt. Démols ass zu Mondorf déi zwät Quell gebuert gin, d'Source Marie-Adélaïde. De Michel Lucius ass chargéiert gin, als Geolog d'Buerarbechten ze iwwerwachen an de Buerregeschter ze féieren. Waat hién do gesinn an notéiert huet, kuom him spéider zu Paas, besonnesch wéi an de Joeren 1946 a 47 déi éischt Quell, d'„Source Kind“, nugebuert huet missen gin.

Am Laaf vun 1914 huet sei fréieren Professor Schardt vun Zürich him eng Plaatz verschafft an der Petrolindustrie am Kaukasus; bis 1918 war en zu Baku, a bis 1922 zu Grossny.

Em 1924 huot d'tirkesch Regéierung, énnere dem Kemal Pascha, hién no Ankara a Klengasien geruff. E guéf Chef-Geolog um „Ministère du Commerce“ an zugleich Géologieprofessor un der Universitéit.

*

Am Joer 1933 ass hién häm komm, nët fir séch zur Roh ze setzen, mä fir e Plang auszeféieren, dén hién scho laang am Sënn hat, d'geologesch Detailkaart vun onsem Land auszearbechten. D'Zeiten waaren besser gin. Den Direkter vun de „Ponts et Chaussées“, Franz Simon, an sein spéideren successeur Auguste Wirion, sin op sei Plang agaangen an hun ereecht, daat an hirer Verwaltung e „Service de la Carte géologique“ gegrönnt gouf, den haut „Service Géologique de Luxembourg“ häscht.

Am Fréijoer 1936 konnt de Michel Lucius mat den Aarbechten um Terrain ufänken. Aeng kurz Zäit haat hién eng Hëllef un engem jongen Geolog, dem Här Paul Bleser. Well dén awer nët fest ugestallt konnt gin, ass en an d'Ausland gaang.

De Michel Lucius haat grad d'Aarbecht vun der Kaart ugefang, du krut en eng nei Offer vun Ankara. E Beweiss, dat en seng Saach gutt gemaacht haat. En huot nët ä Moment dru geduecht, se unzehuelen. Nemen tret fir seng Hémecht wollt hién schaffen. Och spéider, am Krich, huot en eng Plaatz un der Geologescher Landesanstalt Berlin ausgeschloen.

Daat éischt Blaaf vun der Kaart ass 1947, mat enger Verspéidong durch de Krich, erauskomm; daat aacht a lescht 1950.

Mat waatfir Froen de Michel Lucius ausser der Kaart sech ze beschäftegen haat, geseit än am beschten, wann än de Band durchblédert, den hién fir d'Praxis geschriwwen huet. Ech wéll nëmmen äng Fro herausgreifen.

Mir hun um Letzeburger Sandsteen e Waasserspeicher, vun dem mir gemengt hun, e wär nët auszesseffen. Wann enzweusch Waasser gebraucht guof, si mir un hién erugaang. Mir hun eng Quell no der anerer gefaast, an domat onsen Baachen a Fléss dat Waasser entzunn, waat sie kloer a gesond erhaalen haat. Eréischt wan mër et staark verschmötzt hun, lossen mir hinnen et zuokommen, oft ouni étt erëm propper gemaacht ze hun.

Schon vir änger Reih vu Joeren huot de M. Lucius gesot, mir missten domat op haalen, — ofgesin dovun, dat ons Quellen nolossen —, an eréischt dann neit Waasser aus dem Sandsteen huelen, wann an der Gegend, déi Waasser fréit, kën anert ze fannen wär. Am Eisslek kënnt d'Waasser aus aalen Gruoven benotzt gin, am Guttland daat aus den Alluvioune vun den Dällten, vum Museldall z. B., ewéi daat op sei Rot hin fir Réimerschen geschitt ass.

De Michel Lucius huet schon laang virausgesoot, daat eng Zeit kéim — déi elo do ass, — wou d'Eisslek dem Guttland Drenkwaasser liwweren misst, am plaaz emgekéirt, wéi a villen Fällén bis elo.

Hién huet drop higeschafft dat d'Wasser enger Quell als „bien public“, opgefaaft gif an dat de Régime vun de Quellen administrativ geregelt sollt gin.

*

De Wert vum „Service géologique“ huet séch am bäschten bewiesen, wéi mir un déi gruoss Plangen vun de Barragen herungangen sin. Gewöss spillt beim Duerhaalen vun engem Barrage d'Festegkäit vum Mauerwerk eng gruoss Roll. Awer grad esou wichteg ass d'Soliditéit vum Grond, op deen et ze stoen kënnt. Doeriwwer kann nëmmen de Géolog Opschloss gin. Wién hätt daat besser kënnen ewéi den Michel Lucius? Et war e Gléck, daat hién nët un eng Altersgrenz gebonnen war. Esou konnt d'Land vu senger Expérienz a vu sengem Wëssen profitéieren bis zu sengem Duod. Hién ass iwwer der Aarbecht gestuerwen, den 13. Abréil 1961, am Alter vu 85 Joer. En haat Gewésshät, dat sein Service a gutt Hänn kéim.

Virun e puer Méint huet sei Successeur, den Här Jacques Binz, dén eng lang Reih vu Joeren mat him geschafft hat, an him un Hand gaangen war ewéi e Jong sengem Papp, e Gedenkband herausgin. An engem Artikel schreiwwt hién iwwer d'geologesch Aarbechten beim Barrage vu Veianen, dé hién dälweis nach zesammen mam Michel Lucius gemacht haat. Aus dém geseit än, wéi gründlech sie déi Fro no dénen néiesten wëssenschaftlechen Methoden behandelt hun.

Dee Gedenkband ass och de schéinsten Beweis duerfir, wéi héich de Michel Lucius bei de Géologen vum Ausland ugesin war. Gären huet eng Reih vun hinnen zu dem Band belgedroen an sei Wëssen a Kënnen unerkannt.

*

Scho laang war de Michel Lucius Eie-remittglied vun der Société belge de Géologie.

Hién huet als éischten, zesammen mam Här Professor Albert Gloden, de „Prix de sciences“ kritt, dén d'letzeburgesch Regéierung gestéift huet.

*

Op sengem Monument steet e schéinen latengeschen Sproch, dé beweisst, dat et hei och gutt Philologen gët.

PATRIAE NOSTRAE SAXA REDDIDIT EX MUTIS LOQUACIA

De Michel Lucius huet d'Félzen, d'Stäng, déi stomm wären, schwätzen gedunn. Hién huet sie erziélen geloss, wéi sie entstaanen sin a wat alles mat hinnen geschitt ass.

Déi Steeng vum Monument sollen och nët stomm bleiwen! Sie sollen fir all Zäiten de Leiden aus der Emgengend an allen, déi hei durchkommen erziélen vun dem bedeitende Mensch, dén hei énnere einfachen Konditiounen opgewouess ass, den et durch seng Intelligenz a sei Fleiss weitbuecht haat, sengem Land vill Eier gemaacht a gruoss Dengschter geläsch huet.